N° 5091
Reçue le 10.11.2021

Äntwert vum Minister fir Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 5091 vum 12 octobre 2021 vum éierbaren Députéierte Fred Keup.

Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob d'Renovéierung vum Musée vun der Gemeng Éinen oder vum Kulturministère initiéiert gouf?

D'Gebailechkeete vun dem Wäibaumusée a senge Annexë gehéieren dem Staat. De Projet vun der Renovéierung respektiv der Revalorisatioun vum Site gouf op Initiative vun der virreschter Regierung an Zesummenaarbecht mat der „Entente touristique de la Moselle" lancéiert. De Spuedestéch gouf de 26. September 2018 gemaach.

Leien der Madamm Minister Informatioune vir, wat fir Exponater vun der Muséessammlung och am zukünftege "Centre Mosellan" besichtegt kënne ginn? Wat fir Exponater waerten net am Musée verbleiwen?

En Deel vun den Exponater, déi am Wäibaumusée zu Éinen ausgestallt waren, ginn och erëm an déi nei Scénographie vum Musée integréiert.

Déi Géigestänn déi an multipeller Ausféierung do waren an och elo schonn net Bestanddeel vun der Ausstellung ware goufen am Oktober versteet. Des Weidere war virun de Renovéierungsaarbechte vun de Gebailechkeeten en Appell bei anere Musée'en gemaach fir e Maximum un Géigestänn weiderhinn auszestellen. Esou wäerte beispillsweis verschidden Exponater zukünfteg am Musée A Possen ausgestallt gi, anerer, déi ausgeléint waren, sinn zréck un den Nationale Musée fir Geschicht a Konscht gaangen.

D'Lescht vun den Exponaten déi an der Stee ware kann een um Site vun dem Enregistrement nokucke goen: https://pfi.public.lu/fr/agenda/2020/2021/0710.html.

Wéi vill Objete waerte versteet ginn oder goufe scho versteet? Gehéieren do zou och d'Exponater vum Küferatelier? Wa jo, wouduerch waerten dës Exponater ersat ginn?

Vun den 40 Lousen, déi an der Stee waren, sinn der insgesamt 22 iwwert Soumisson publique fortgaangen. De Rescht vun de Lousen ass no der Stee verkaf ginn.

De Lous No 24 huet en Deel vun den Exponater aus dem Küferatelier enthalen. De Rescht vun den Ausstellungsstécker aus der Küferei wäerten an Zukunft am Musée A Possen ausgestallt ginn.

Aktuell gëtt vun engem "Centre Mosellan" geschwat. Ass net virgesinn, ee lëtzebuergeschen Numm ze wielen? Wann nee, firwat net? Wier een Numm an der typescher originaler Sprooch net méi authentesch fir ee regionale Musée?

Bei der Bezeechnung „Centre Mosellan“ handelt et sech leedeglech ëm en provisoreschen Aarbechtstitel. Den definitiven Numm vum zukünftege Musée gëtt an Zesummenaarbecht mat de regionalen Acteuren am Kader vun der „Entente touristique de la Moselle“ bestëmmt. Zum aktuellen Zäitpunkt steet nach net fest wéi de Musée an Zukunft wäert genannt ginn.

Lëtzebuerg, den 10/11/2021.

De Minister fir Tourismus,

(s.) Lex Delles